



Deele fir:



Den Zougang zu Drénkwaasser, mee och Waasser fir d'Déieren a fir den Alldag ze sécheren.



D'Subsahara-Landwirtschaft z'ënnerstëtzen an d'Ernierungssécherheet ze garantéieren.



Datt jiddereen, duerch d'Léiere vu Schreiven, Liesen a Rechnen, een Zougang zum Wësse kritt an esou e responsabele Bierger ka ginn.



Sanitärpräventioun ze bedreiwen an den Zougang zu medezinescher Behandlung ze vereinfachen.



Héichwäerteg Formatiounen unzebidden, déi Kenntnisser valoriséieren an eng guft Zukunft sécheren.




Den Ëmweltschutz an engem schwierege klimateschen Ëmfeld.

INFOS:

ONG le Soleil dans la Main

48, Duerfstrooss
L-9696 Winseler (Luxembourg)
Tél: (+352)621 561 261
contact@asdm.lu / www.soleil.lu



DEELE KA JIDDEREEN

BANKDONNÉË FIR DONEN:

Zu Lëtzebuerg
CCPL: LU43 1111 2051 2264 0000
BCEE: LU74 0019 1955 6943 7000
A Frankräich
SOGÉ: FR76 3000 3024 5300 0505 0740 835
SWIFT/BIC: SOGEFRPP
Am Burkina Faso
BF083 00018 1417 3502 3401 14

D'ONG fir Entwécklungshëllef Le Soleil dans la Main ass 2002 vun e puer Kollege gegrënnt ginn. Zur Zäit beschäftegt si 34 Salariéen am Burkina Faso an 2 zu Lëtzebuerg, déi fir d'Ausféierung vun de Projeten zoustänneg sinn. Ronn 30 Fräiwëlleger këmmere sech ëm d'Sammelen an d'Administréiere vun de Fongen. Jiddereen, vu Lëtzebuerg bis an de Burkina Faso, gëtt vu senger Zäit, sengem Wëssen a senger Energie fir deenen Hëllef ze bréngen, déi se am néidegste brauchen.

MAACHT MAT OP ÄR MANÉIER!



le **Soleil**
dans la Main • ONG



**LËTZEBUERG
BURKINA FASO**



sozial:
Kannerheem
zu Koudougou



Austausch:
Visite vun
de Benevollen
aus Lëtzebuerg

DE BURKINA FASO

ass ee westafrikanescht Land, dat 1888 vun de Fransouse koloniséiert ginn an zënter 1960 onafhängeg ass. Vu sengen 20 Milliounen Awunner liewen 80% um Land an 20% an de Stied, d'Hallschent eleng an der Haaptstad Ouagadougou. D'Landflucht ass immens grouss.



Am Burkina ginn et 60 verschidden Ethnien, déi méi wéi 60 verschidde Sprooche schwätzen. Verschidde Reliounen a Kulte cohabitieren: D'moslemesch Majoritéit leeft niewent Leit vu kathouleschem, protestanteschen an animisteschem Glawen. Dat harmonescht Vollek muss a sengem Fridden ënnerstëtzt ginn.



Hydraulik:
Amenagement
vu Boulieu



Landwirtschaft:
Verbesserung
vun de
Bewirtschaftungs-
techniken



ENG BEVËLKERUNG
ËNNERSTËTZE
FIR KEEN ZE
VERGIESSEN

Et ginn 2 grouss Saisonen: eng kuerz Reenzäit vu Juni bis September an eng Dréchenzäit vun Oktober bis Juni. Geographesch situéiert fëschent Sahel a Reebësch charakteriséiert d'Savann déi relativ flaach Landschaften. D'Klima ass haart: staark Hëtzt, gewaltëg Nidderschläg, vill Wand...

Den Ubau (ganz vun Hand) vu Kotteng a Sesam ass weltwäit bekannt. D'Zichtererei vu Ranner a Geessen – an der Tradition vun de Fulben – gëllt als een nationale Räichtum.

D'Ernährung vun de Leit besteet grondsätzlech aus **Hiergem, Bounen a Räis**. Déi meescht hunn awer Schwieregkeeten, zweemol am Dag z'iesse. D'Land ass de véiert-gréisste Goldproduzent an Afrika. De Buedem ass räich un Zénk a Mangan, wäertvoll Ressourcen, déi vun auslännesche Konzernern an (an der Dréchenzäit) vu lokale Goldgriewer verwäert ginn. Et ass eng schwaach Ekonomie, déi an enger globaler Welt begleet muss ginn.

D'Schoulzäit dauert am Duerchschnëtt **1,3 Joer** (zu Lëtzebuerg sinn der 11,7). 2016 gouf de Burkina Faso op Plaz 185 (vun 188) um Human Development Index vun de Vereenten Natioune klasséiert. Dofir si mir iwwerzeegt, datt **Educatiounshëllef** liewenswichtig ass.

Ekonomie:
Kotteng,
d'wäisst Gold
vum
Burkina Faso



Erzëiung:
Schoul,
Alphabetisatioun,
Landwirtschaft
bedriewen



Hydraulik:
Konstruktioun
vun Dämm
a vu Pëtzer



DÉI WICHTEGST LEESCHTUNGE VUN DER ONG:

- 2 Schoule si gebaut ginn.
- Zënter 10 Joer si 600 Kanner all Joer mat Schoulmaterial an lesse betreit ginn.
- En Heem, dat 136 Kanner empfänke kann, ass gebaut ginn.
- Am Heem kënnen d'Kanner während 7 Joer komplett versuergt ginn.
- Bau vun 8 Alphabetiséierungszentren.
- Zënter 10 Joer gi pro Joer 240 Fraen alphabetiséiert.
- Frae si forméiert an equipéiert gi fir d'Akommes ze verwalten.
- En Damm ass opgeriicht ginn a 5 Hektar Notzgaart ginn amenagéiert (nohaltëg Landwirtschaft mat leselen).
- Waasserreserven a Form vu Weiere fir 6 Dierfer si gewonne ginn.
- 30 Pëtzer sinn an den Dierfer gegruewe ginn.
- 350 Latrinne sinn installéiert ginn, fir d'Hygiëne an den Dierfer ze verbessern.
- 1 Millen ass gebaut ginn an eng multifunktionell Plattform ass am Schantjen.
- 2 konstruéiert Fruuchtlagere gi vun den Duerfbewunner verwalft.
- 40 Meedercher goufe während 6 Joer schoulesch begleet an am Internat betreit.
- D'Büroe vum Fuerschungsprojet „Waxi“ sinn am Centre Noomdo ënnerbruecht.
- Vill aner Aktiounen an der Entwécklungshëllef...